

	<p>Correspondance:</p> <p>De Valentin-Bourg Jacqueline 9, rue des romain L-7563 Mersch 691642871 bourgja@pt.lu</p>
---	---

2 néi Spiller kommen fir déi nächst Saison op Recken

Des Weideren kennen mir eng Réih vun Verlängerungen verkënnegen

Nodeems den Opstig an Audi-TT-League sécher wor, hunn beim Comité vum Dëschtennis Recken direkt Planungen fir nächst Saison ugefaangen. Fir déi éischt Equipe ze verstärken wäerten déi nächst Saison zwee néi Spiller den Trikot vum Dëschtennis Recken un hunn.

Den Thomas Keinath wiesselt aus der 3 däitscher Bundesliga vum TV Leiselheim op Recken. Den 44 järege Spiller kennzeechent sech aus duerch eng extrem grouss Erfahrung. Hien wäert net nëmmen d'Roll vum Spiller beim Dëschtennis Recken iwwerhuelen mee wäert och een Deel vum Trainerteam ginn. Als fréieren däitschen an slowakeschen Nationalspiller wäerten d'Spiller vum Dëschtennis Recken vill vun senger Erfahrung profitéieren kennen.

Den zweeten néien Spiller zu Recken ass den Matas Skucas. Den 31 järege Litauer kennt aus der däitscher Regionalliga vum ASV Süchteln. Iwwerzeegt huet den fréieren litauischen Nationalspiller eis virun allem duerch säin kämpfereschen Asaz.

Komplettéiert gëtt déi 1 Equipe vum Dëschtennis Recken duerch den Philippe Saive, den Louis Gira an eis zwee Nowuesstalenter Gene Wantz an Sean Portelada.

Den Philippe Saive huet säin Kontrakt och zu Recken verlängert an wäert mat sengem spillereschen Niveau nach sécher kennen fir déi eng oder aner Iwwerraschung suergen. Des Weideren sinn mir frou, dass eist komplett Trainerteam (Braun Henri, Bavay Olivier, Portelada Paulo, Koob Jerry, Kraus Mike, Portelada Sean, Wantz

Gene, Portelada Mandy an Tres Nora) fir nächst Saison zougesot huet an mir et mam Thomas Keinath nach kennen ausbauen.

Thomas Keinath: „Ich freue mich auf die neue sportliche Herausforderung in Reckingen. Ich will mich längerfristig in den Verein einbringen und helfen, den Verein weiter zu entwickeln. Ich möchte die jungen Spieler in meinem Team und im Verein unterstützen und ihnen helfen, sich sportlich weiterzuentwickeln.“

Matas Skucas: „During my career I've been representing clubs in Czech Republic, Belgium, Estonia, Lithuania and most recently in Germany. Few years ago I've graduated the University of Split as a professional table tennis coach, so I'm very much involved in both playing and coaching. I'm very glad to be joining the club of DT Recken for the upcoming season and looking forward to be fighting alongside my new team mates very soon.“

Mike Kraus (Präsident Dëschtennis Recken): „Mam Thomas Keinath an mam Matas Skucas konnten mir zwee ganz erfueren Spiller fir eisen Veräin gewannen. Si sollen eiser Equipe eng gewëss Sécherheet ginn, sou dass eis jonk Spiller sech kennen an aller Rou weiderentwéckelen. Mir freeën eis als Veräin op déi nächst Saison an der Audi-TT-League. Des Weideren sinn mir frou, eisen Spiller an Spillerinnen kennen fir déi nächst Saisons eng gutt Trainingsstruktur ze bidden.“